LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 27 octobre 2020

REÇU
Par Alff Christian , 14:00, 27/10/2020

Le Ministre du Tourisme
à
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n° 2911 du 28 septembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Le Ministre du Tourisme,

Lex Delles

126-00169-2019122-FR

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Här Lex Delles, Minister fir Tourismus, op déi parlamentaresch Fro n° 2911 vum éierbaren Députéierten Jeff Engelen**

1. Et sinn insgesamt 730 096 Bongen ausgestallt ginn. Op den 26. Oktober 2020 goufen 67.518 Bongen ageléist.

2. D'Aktioun vun de 50 Euro Iwwernuechtungsbonge ass en Deel vun eiser Campagne „Lëtzebuerg, dat ass Vakanz". D'Zilsetzung vun dëser Campagne war et Lëtzebuerg nohalteg als touristesch Destinatioun duerzestellen an als interessant Alternativ zu Auslandsdestinatiounen ze positionéieren. D'Bongenaktioun war een Deel vum Gesamtkonzept, wouduerch d'Résidenten sollten dozou beweegt ginn, Vakanz heiheem ze maachen an eng Nuecht oder méi hei am Land ze verbréngen.

   Réckbléckend kann ee soen, datt eis Objektiver vun der Campagne wéi och der Bongenaktioun erreecht konnte ginn. Op der enger Säit hu mir et fäerdeg bruecht, méi Bierger ze motivéieren, hiert Land nei ze entdecken, anerersaïts konnte mir duerch dës Aktioun dem Hebergementssekteur an dëser Kris ënnert d'Äerm gräifen. Dat beleeën och Zuele vun enger Ëmfro an dem Lëtzebuerger Hebergementssekteur vun „Luxembourg for tourism". Effektiv hunn am Verglach mat de Jore virdru méi Residenten dëst Joer Vakanz doheem gemaach. Insgesamt 33% vun den Hotelieren respektiv 57% vun de Campingsbedreiwer hunn uginn, datt Buchunge vun de Residenten substanziell iwwert déi leschte Méint zougeholl hunn. Et kann een also dovunner ausgoen, datt d'Campagne an d'Bongenaktioun gutt um Terrain ukomm sinn. Dobäi kennt och nach dat d'Consommatiounen (Restaurant, Commerce, etc.) wärend dem Openthalt iwwert de Wäert vum Bong eraus gaange sinn.

3. Wéi et an der Ried zur Lag vun der Natioun vum Premierminister annoncéiert ginn ass wäert de „Fonds de relance et de solidarité", dee speziell fir Entreprisen aus de Beräicher Horeca, Evenementiel an Tourismus gegrënnt gouf bis an d'nächst Joer eran verlängert ginn. Zousätzlech soll eng nei Direkthëllef en Place gesat ginn mat där d'Betriber aus vulnerabele Branchen en Deel vun hire Käschte kënne kompenséiert kréien. Et ass dofir net virgesinn, d'Gesamtzomm vun deene Bongen déi bis Enn des Jores nach net ageléist gi sinn als Subventioun eleng un d'Hoteller am Land ze verdeelen, mee d'Regierung wäert nach emol cibléiert deene staark betraffene Secteuren, dorënner den Hotelsbetriber, ënnert d'Äerm gräifen.